Den 21. Juni 2022 war ëm 16:30 Auer eng ëffentlech Gemengerotssitzung.

**1) Approbation de plusieurs chartes**

*a) Semaine européenne de la charte*

Déi nächst Europäesch Mobilitéitswoch ass vum 16. bis 22. September 2022. D'Biisser Gemeng engagéiert sech zu folgende Punkten :

1. Organisatioun vun Aktivitéiten zum Thema « Better Connections » ;
2. Aféiere vun op mannst enger permanenter Moossnam ;
3. Späere vun enger Strooss fir d'Autoe wärend engem Dag. De Buergermeeschter konnt eis awer nach net matdeelen, wéi eng Strooss dëst Joer wéini gespäert ass. Et wier awer dëst Joer eng aner Strooss ewéi d'Rouschterstrooss.

Konkret stinn dës Aktivitéiten um Programm:

- Freideg 16. September 2022: Aweie vun den Infraroutdetektere vu Vëloen op der Place de l'Immigration;
- Samschdeg, 17. September 2022: Duerffest um Gemengeparking;
- Sonndeg, 18. September 2022: Vëlos-Occasiounsmaart;
- Méindeg, 19. September 2022: Lancement vum Pedibus an Aweie vum Bus-Informatiouns- an dem Foussgängerleitsystem;
- Dënschdeg, 20. September 2022: Entdecke vun der Vëlospist (an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Colmar/Bierg) an Trëppeltour mam Schäfferot;
- Mëttwoch, 21. September 2022: Coffee To Go a Konferenz zum Projet "Mobility Management";
- Donneschdeg, 22. September 2022: Spillplaze Rallye, Aweiung vun der Spillplaz um Knapp a vum CycloCroc (virausgesat, d'Aarbechte kënne bis dohinner ofgeschloss ginn).

*b) Green Events*

D'Klimapakt-Team vun der Gemeng huet eng « Energie-Klima-Umwelt-Charta » fir d'Biisser Veräiner ausgeschafft. En Entworf gouf de Veräiner schonns an der leschter Versammlung vun der Biisser Entente presentéiert.

Konkret sollen d'Veräiner sech ë.a. zu dëse Punkten engagéieren:

- Fërdere vu Fuergemeinschaften andeems op de Veräinsbus zréckgegraff gëtt;
- méiglechst Drénkwaasser a Fläschen « multi-usages » benotzen;
- elektresch Apparater nom Gebrauch ausschalten (net am Stand-by-Modus loossen);
- déi grouss Beliichtungen op de Sportsterrainen direkt nom Gebrauch ausschalten;
- bei Manifestatiounen op Produiten aus der regionaler a fairer Produktioun setzen;
- Gedrénks als Pfandfläsche kafen;
- Nëmme Geschier, Glieser a Besteck benotzen, dat méi wéi eng Kéier benotzt ka ginn. Heizou wäert d'Gemeng hiert "Hard-Cup-System" ausbauen, dat ënner dem CSV-Schäfferot mat entspriechende Glieser an der Sportshal ugefaangen huet.

**2) Etat des recettes restant à recouvrir**

15 Privat- a Geschäftsleit hunn nach net all hir Rechnunge vis-à-vis vun der Biisser Gemeng bezuelt. De Gemengerot huet dem Receveur d'Autorisatioun ginn, fir en Total vu 17.545,03 weider anzedreiwen.

**3) Rapport de vérification du compte administratif de l'exercice 2020**

D'Direction du contrôle de la comptabilité communale vum Inneministère huet d'Konte vum Joer 2020 nogekuckt an eng Rëtsch Observatioune gemeet.

- Esou krute verschidde Membere vum Schäfferot Jetone fir hir Präsenz a Kommissiounssitzungen. Dat ass fir d'Schäfferotsmembere verbueden, well si eng Indemnitéit ausbezuelt kréien.
- Verschidden Einnamen an Ausgabe goufe falsch verbucht.
- Beim Kaf vun engem neien Trakter gouf den alen Trakter an d'Reprise ginn. Hei gouf awer vergiess, fir dem Gemengerot dës Reprise zur Ofstëmmung virzeleeën. Deemno gouf Gemengematerial ouni Zoustëmmung vum Gemengerot verkaaft.

Mat der Äntwert vum Schäfferot op dës Observatioune vum Inneministère war d'CSV-Fraktioiun net d'accord. Esou goufe mir net gewuer, ob d'Schäfferotsmemberen dat un d'Gemengekeess zréckbezuelt hunn, wat hinnen zevill ausbezuelt gouf. Och gouf d'Reprise vum Trakter net nodréiglech vum Gemengerot regulariséiert.

**4) Comptes de l'exercice 2020**

D'Gemengekonten um Enn vum Joer 2020 hunn esou ausgesinn :

| | |
|---|---|
| Mali aus dem Exercice 2019 | - 12.209.418,50 |
| Uerdentlech Einnamen 2020 | + 13.122.167,19 |
| Ausseruerdentlech Einnamen 2020 | + 26.560.427,96 |
| Uerdentlech Ausgaben 2020 | - 9.809.280,38 |
| Ausseruerdentlech Ausgaben 2020 | - 12.773.056,79 |
| Iwwerschoss um Enn vun 2020 | + 4.890.839,48 |

**5) Approbation de plusieurs contrats**

Den Här Filipe Goncalves da Silva fänkt den 1. September 2022 als Installateur Chauffage-Santiaire am Service Eau/Chauffage un.

D'Madame Monique Mathieu an den Här Guy Hoffmann halen och am Schouljoer 2022/23 Lëtzebuergesch Sproochecoursen.

D'Firma ATV Group huet fir 4 Méint d'Haus op Nummer 5 Grand-Rue vun der Gemeng gelount. Dës Firma huet hei hir Aarbechter ënnerbruecht, déi un der Fassad vum Seniorenheem Am Park schaffen. D'CSV-Fraktioun huet géint dëse Mietvertrag gestëmmt, well de Vertrag schonns ausgelaf ass. Et ass der CSV-Fraktioun onverständlech, firwat dëse Vertrag net schonns an enger vireschter Sitzung um Ordre du jour stoung.

**6) Approbation d'un acte notarié**

Mam Här Jean Wolter huet d'Gemeng eng Rëtsch Terraine getosch, esou datt d'ZAC Am Seif méi einfach ze viabiliséieren ass. Esou kritt den Här Wolter verschidde Parzellen « op dem Rouscht », "op der viischter Poukewiss", "ënner Helperich" an am "Billchen", wärend d'Gemeng verschidden Terrainen am Seif kritt. Vu datt de Wäert vun de Parzellen net 1 zu 1 opgeet, bezilt d'Gemeng nach eng Soulte vu 502.890 Euro un den Här Wolter.

**7) Subsides extraordinaires aux associations non-locales**

Eng Gesamtsomme iwwer 4.100 Euro gëtt u Subsiden un auswäerteg Associatioune verdeelt. Dozou zielen ë.a. d'Association des victimes de la route (200 Euro), d'Häerz fir kriibskrank Kanner (200 Euro), d'Ile aux clowns (200 Euro), d'Wonschkutsch (200 Euro), d'Special Olympics (150 Euro), d'Massendénger Äischdall-Helpert (150 Euro), Noël de la Rue (100 Euro), Elteren a Frënn Atert Lycée Réiden (50 Euro) a SOS Sahel (50 Euro).
Nei ass dëst Joer e Subsid vu 500 Euro fir de Projet Semedoki vun der asbl ABRAM.lu. Et geet ëm e Permakultur-Projet a Brasilien, wou eng jonk Biisser Awunnerin dëst Joer aktiv derbäi ass.

**8) Morcellement dans la Rue Michel Stoffel**

Den Terrain op 24 rue Michel Stoffel gëtt an zwee gläich grouss Terraine gespléckt, esou datt hei 2 Eefamilljenhäiser (amplaz vum aktuellen Haus) opgeriicht kënne ginn.

**9) Règlements de circulation**

Op 5 an der Bléi gëtt vum 4. bis 15. Juli d'Strooss "an der Bléi" op 20 Meter fir d'Opriichte vun engem Haus gespäert.

Vum 4. Bis 15. Juli wäert d'Creos an der Route de Luxembourg an an der Route de Bissen um Rouscht e Mëttelspannungskabel verleeën. Dofir wäerten dës Stroossen an dëser Zäit plazeweis méi schmuel sinn.

**10) Organisation scolaire 2022/2023**

D'Schoulorganisatioun gouf vun der Presidentin vum Schoulkomitee presentéiert. Dogéint huet d'Schoulschäffe Cindy Barros guer näischt zu dëser Organisatioun gesot.
Dat meescht bleift zimmlech selwecht, ausser datt d'Zuele vun de Klassen an der Spillschoul vu 5 op 4 Klassen zréckgeet. Dat erkläert sech doduerch, datt de Staat eiser Schoul fir d'nächst Schouljoer manner Stonnen zur Verfügung stellt. D'Moyenne an dëse Klassen ass dann ongeféier 15 Kanner.

**11) Statuts Biisser Rouchi-Frënn a.s.b.l.**

De Gemengerot huet d'Statute vun der asbl « Biisser Rouchi-Frënn » zur Kenntnis geholl. Dës asbl setzt fir sech fir d'Erhale vun der Biisser Kierch a vun der Wobiergkapell an. Och wëll se d'Erënnerung un d'Versprieche vum 3. Oktober 1854 an d'Veréierung vum hl Rouchi héich halen.